
LËTZ GO
SAILING
Seegel-Croisière fir Jonker
- Péngschtvakanz 2026 -
Wow, do ginn ech mat !
www.letzgosailing.lu

# LËTZ GO SAILING

**Péngschtvakanz 2026**

**Wat ?**
Eng Woch laang mat denge Frënn a Kolleegen op enger 10-Meter-Yacht seegelen.
En onvergiesslecht Erliefnes. Du léiers seegelen, entdecks déi maritim Welt, kënns op spektakulär Plazen a kanns u genialen Aktivitéiten deelhuelen.

**Wien ?**
Jonker vu 14 bis 19 Joer. Du kanns dech individuell oder zesumme mat denge Frënn umellen a brauchs keng Seegel-Erfarung ze hunn.

**Wéini ?**
An der Péngschtvakanz, vum 23. – 30. Mee 2026.

**Wou ?**
An der Süd-Bretagne, mat Depart an Arrivée zu La-Trinité-sur-Mer. Mir seegelen an der Baie de Quiberon, a besiche verschidden Inselen an där Géigend.

**Wéi ?**
Dir wunnt déi ganz Woch op engem Boot, als Equipage vu 4 Jonken, zesumme mat engem Skipper an engem Co-Skipper vum Seegelclub GLCR, déi iech weisen, wéi ee mat esou engem Seegelboot ëmgeet. Dir entdeckt dobäi eng genial Géigend an iwwernuecht a verschiddenen Häfen oder geheit den Anker a flotte Buchten. Sportlech Aktivitéiten an interessant Visitte stinn och um Programm, an esouguer e Rallye an eng Fun-Regatta.

**Firwat ?**
Fir z'entdecken, wéi flott Seegelen ass, an dobäi villes z'erliewen.
An du kanns esouguer e Certificat als « Équipier compétent » vun der FLV kréien.

**Wien organiséiert dat ?**
De Seegelclub GLCR - Groupe Luxembourgeois de Croisières et de Régates a.s.b.l. an Zesummenaarbecht mam Service National de la Jeunesse an der Seegelfederatioun.

**Info an Umeldung** op däitsch a franséisch iwwer www.letzgosailing.lu

ënnerstëtzt vun œuvre nationale






